



**Äntwert vun der Ministesch fir Famill an Integratioun op d'parlamentaresch Fro n°5614 vum Här
Deputéierte Fred Keup**

1)

Ech verweisen hei op meng Äntwert vum 18 Januar 2022 op d'parlamentaresch Fro n° 5404 vum Här Deputéierte Sven Clement.

Ech erënnere och drun, dass de Projet de Loi n°7524 iwwert d'Qualitéit an de Servicer fir déi eeler Leit d'Konzept vun der „bientraitance“ an d'Organisatioun vun enger „gestion des réclamations“ am „projet d'établissement“ vun all Strukture fir eeler Leit virgesäit. Duerch de Gesetzesprojet gëtt och e nationalen Informatiouns- a Mediations-Service geschafen, deen e weidert Element duerstelt wann e Bewunner, e Familljemember oder ee Gestionnaire een Uleies huet an Ënnerstëtzung brauch.

2)

D'Qualifikatioun vum Personal wat an Alters- a Fleegeheemer schafft ass gesetzlech gereegelt.

D'Kapitel 4 « Personnel » (Artikelen 8 bis 16) vum Règlement grand-ducal modifié du 8 décembre 1999 concernant l'agrément à accorder aux gestionnaires de services pour personnes âgées définiere de minimale Personalschlëssel, d'Qualifikatiounen an d'Weiderbildung vum Personal aus den Alters- a Fleegeheemer.

De Projet de Loi n° 7524 iwwert d'Qualitéit an de Servicer fir eeler Leit geet e Stéck méi wäit ; esou ass zum Beispill virgesinn, dass mindestens eng Fleegepersoun mat enger Qualifikatioun als Infirmier plus eng weider Betreuungspersoun musse 24/7 am Haus disponibel sinn. Et ass och virgesinn, dass 40 % vum Personnel d'encadrement mussen eng Weiderbildung vu 40 Stonnen am Beräich Psycho-gériatrie gemaach hunn. Doriwwer eraus muss een Agent forméiert sinn als Referent zu Froen am Beräich Hygiène an Infektiounspräventioun.

3)

Et ass och haut scho gesetzlech virgeschriwwen, datt d'Personal an engem Alters- a Fleegeheem muss Lëtzebuergesch schwätze kennen.

D'Artikelen 10 an 13 vum Règlement grand-ducal modifié du 8 décembre 1999 concernant l'agrément à accorder aux gestionnaires de services pour personnes âgées soen, dass souwuel de Chargé de Direction ewéi och d'Membere vum Betreuungspersonal musse beleeën dass Sie zwou vun de geleeftge Sprooche vun eisem Land musse kenne verstoen an och schwätzen, dorënner Lëtzebuergesch. Ass dëst net de Fall, gëtt am Agrément festgehalten, dass des Leit sech mussen engagéieren sech beruffsbegleedend weiderzebilden.

De Projet de Loi n° 7524 iwwert d'Qualitéit an de Strukture fir eeler Leit confirméiert dës Ufuerderungen, dëst beim Chargé de Direction, wéi och beim Personal wat d'Bewunner encadréiert.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

Hei ass en Delai vun 2 Joer virgesi fir d'Sprochekenntnisser op en Niveau B2 fir de Chargé, respektiv den Niveau B1 fir d'Personal ze bréngen

Lëtzebuerg, den 03.02.2022

D' Ministesch fir Famill an Integratioun

(s.) Corinne Cahen